No 267
23/03/2019
deKiewerleck
périodique des Kiewerlecken asbl, Eclaireurs et Eclaireuses de Strassen affiliés à la FNEL

NEWS

Kigruca 2019:
Eng kleng Delegatioun Kiewerlecke war virun e puer Wochen a Wales ënnerwee fir Preparatioune fir de Camp ze machen. An dësem Kiewerleck erziele mir iech vun dëser grousser Aventure anverroden, op wat ee sech kann gefaasst maachen.

Eurojamboree 2020 :
Nächst Joer fënnt a Polen ee groussen Jamboree statt. Fir jiddereen deen Interessi huet matzegoe, ginn et an dëser Editioun Detailer.

Führerschäin :
Mir gratuléieren dem Sam Putz fir säi gepackte Führerschäin.

Wichteg Datumer:

Grouss Botz:

Den 30.03.2019 ginn zu Stroossen d'Bëscher gebotzt. Wéi ëmmer pake mir eng Hand mat un. Rendez-vous um 9 Auer beim Fräiheetsbam.

Pow Wow:

De 7. Juni ass bei de Munnerefer Mais Pow Wow.

Nationalfeierdag:

Geschwënn ass et scho bal net méi laang bis dee beschten Dag vum Joer. Den 22. Juni ginn d'Kiewerlecke beim Cortège zu Stroossen an an der Stad mat. Méi Infoe kommen no.

Scoutskiermes:

Nodeems dass se lescht Joer dem PAU WAU zum Opfer gefall ass, feiere mir dëst Joer den 30. Juni erëm Scoutskiermes.

Save the dates:

30.03: Spring Cleaning, 9 a.m., Fräiheetsbam
07.06: Pow Wow
22.06: National Day celebrations
30.06: Scoutsfair, all day long, Home "Bei de Kiewerlecken"

Cotisatioun/ Membership fee:

Leider hu mir festgestallt dass vill Leit nach keng Cotisatioun bezuelt hunn. Iwwerweist weg. 27€ op eise Kont mam Numm vun der Persoun fir déi der bezuelt.

Unfortunately, many still haven't paid the membership fee for this year. Please tranfer 27€ to our bank account, with the name for whom your paying.

Rover:

Den 13. Juli geet eise gréissten Dram an Erfëllung: Mir ginn an d'déifsten Éislek eisen eegene Béier brauen! Dat ganzt geet vu moies bis 5 Auer nomëttes, mat uschléissender Visite vun der Dikrecher Alstad. Sot dem Felix Bescheed wann der matkommt, Plazen si limitéiert!

An dëser Nummer

Groupe: *Wales Report, deKiewerleck stellt vir* ***Colonie :*** *Beaver Fun Day,* ***Trimesterprogramm III*** ***Meute:*** *Trimesterprogramm III, Ouschtercamp* ***Troupe:*** *Trimesterprogram III, Ouschtercamp* ***Explorer:*** *Programm,* ***Rover:*** *Trimesterprogramm III*

FNEL
SCOUTEN A GUIDEN

deKiewerleck stellt vir

D’Anne-Marie vun de Beaver

D’Anne-Marie (wäiss Mutz, uewe riets), mat senger Colonie

D’Anne-Marie ass Beaverchef an aktuell an sengem drëtte Scoutsliewen. Dat éischt Scoutsliewen ass an den 1980er Joren ze lokaliséieren wéi hatt als Wëllefchen bei de Kiewerlecken aktiv war—oder vläicht och net grad sou aktiv wéi een sech dat kéint wënschen: säi klengt Wëllefchershiem, wat nach ëmmer bei sengen Elteren doheem hängt, dréit leider just de Kachbadge, den Éischthëllefsbadge, an de Bronzefeil. Op Campen huet hatt schrecklech verlaangert an as zuguer vum FEWOCA um Colmar-Bierg mat sengem flotte rosa Foulard éischter heemgaangen. An awer hat hatt vill Freed an de Scouten. Seng Cheffen hunn sech immens Méi ginn an hunn him an der ganzer Meute vill onvergiesslech Erënnerungen bereet: ugefaangen beim Verspriechen am däischtere Bësch wou si (ënnert Anerem) als Wëllef verkleet, a mat Fakelen ëmréngt, deene neie Wëllefcher de Foulard iwwerreecht hunn. Ën anert Highlight war de Weekend op der Buerg zu Branebuerg, wou d’Wëllef mat hiere Carrymatten op enger Bühn geschlof hunn. Trotz ville flotten Erliefnësser, kann ee soen datt hatt nach net prett war fir d’Scouten an hatt ass am 5. Schouljoer erausgaangen.

Säi Liewe sollt sech änneren wéi op 5e eng Frëndin hatt invitéiert huet d’Scoute nach eng Kéier ze probéieren an domat dat zweet Scoutsliewen agelaut huet. Dës Kéier an engem aner Grupp, de CB/DM vun Hollerech/Märel. Vun deem éischten Explo un, huet sech fir hatt (bal) alles ëm d’Scoute gedréit an d’Jore vun der Fräiheet an der Responsabilitéit hunn ugefaangen: Campen am In- an Ausland, onzieleg Nomëtteger bei deenen Material geraumt an zortéiert ginn ass, Versammlungen an Staffsëtzungen, Iddien, Organisatioun, a Gedoldsprouwen. Während enger laanger Zäit ganz ouni Scouten, huet hatt ën drëtt Scoutsliewen ëmmer an Erwägung gezunn. D’Joren als Beaver-Chef sinn him an esou gudder Erënnerung bliwwen datt hatt, gutt 20 Joer no senger Formatioun, bal net aanëscht konnt, wéi dësen Oktober bei de Kiewerlécken als Beaverchef matzemaachen.

D’Anne-Marie a sengem zweete Scoutsliewen als Beaverchef

Llandudno Pier

FRIDDENSMISSIOUN A GROUSSBRITANNIEN

Wéi mëttlerweil jidderengem dierft bekannt sinn, fueren d'Kiewerlecken am Summer vun dësem Joer a Wales op de Camp. Vue dass mir zwou ganzer Woche mëtten an der Pampa an engem Land verbrénge wäerten, an deem keen dee matgeet schonn eng Kéier war, gouf et héich Zäit genau dat ze änneren. Mat dësem Ziel sinn dowéinst den 19. Februar um hallwer 10 Owes den Alessandro Bega, de Vinz Wagener, de Loïc Grivet, de Fränz a Felix Dahm an den Dominique Weber opgebrach, fir dat onbekannte Land ze entdecken. Mat kräfteger Ënnerstëtzung vu Voyages Benoît Weber, dem inoffizielle Co-Sponsor vun eisem Camp déi eis hire Camper zur Verfügung gestallt hunn, goung et fir d'éischt op Dunkuerke(oder ass et Dunkerque, oder net awer Dunquerke?) wou mir nach eng gutt Stonn gewaart, bezéiungsweis geseet hunn, eet mer um 4 Auer d'Fär fir op Dover geholl hunn. Duerno goung et a praktesch engem Stéck op der lénker Säit duerch England bis op Trefriw (gesot Trefru), dem leschte Kaff virum Cornel Scout Centre, eisem eigentlechen Ziel. Nodeems mer endlech d'Autobunn (an déi uschléissend 3.472 Rondpointen) hannert eis gelooss haten, a mer bis eis éischt Andréck vun der walisescher Natur sammele konnten, war eis alleguerte kloer dass mer bei eiser Destinatioun de richtege Choix getraff hunn.

Beim Scout Center ukomm, goufe mer häerzlech vum Pit Dolizy sengem verlueren Zwillingsbrudder an dem Respo vum Site empfaangen, a kruten all Fro beäntwert, déi eis agefall sinn. (Hei nach eng Kéier ee klenge Recap, well dat bei verschiddene Leit (Bega) anscheinend net ukomm ass: Et gëtt am Summer keng Mustikeplo a Wales, et ginn héchstens e puer Zecken, déi een awer och net bei liewegem Läiw friesse wäerten.) No eiser Visitt si mir op alle Fall all iwwerzeegt dass mer keng besser Plaz hätte fanne kënnen. Et gëtt keen Handyempfang oder Internet wäit a breet, a fir bis op

Trefru brauch een eng gutt Véierelsstonn mam Auto op enger enker, eespureger Strooss. Direkt hannert dem Home ass ee risege Séi a ronderëm si grouss Bierger an deenen ee wonnerbar trëppele goe kann. Et ass souguer sou wäit ewech vun all Stad, dass et eng vun de beschte Plazen an Europa ass fir d'Stären ze kucken. Wa mir also am Summer Owes beim GBS iresch Volleksliddеr wéi Wild Rover a Begleedung vum Fränz senger Gittar ustëmmen, kënne mer net nëmmen sou haart wéi mer wëlle sangen, well mer kee Mënsch wäit a breet stéieren, mee och nach bis an d'Onendlechkeet an nach méi wäit kucken.

Well mir am Summer awer natierlech net just zwou Wochen op der Campplaz sëtze wäerten, hu mir och alt eng Rei Aktivitéite getest, fir sécher ze goen, dass se genau sou cool si wéi mir eis dat virstellen. Den zweeten Dag si mir also beim schlëmmste Wieder dat een sech virstelle kann zou Fouss op de Mount Snowdon, den héchste Bierg a Wales getrëppelt. Nodeems mer no zwou Stonnen um Sommet ukomm waren, ware mer zwar all houfreg et gepackt ze hunn, mee wollten awer och bal direkt erëm erof fir dem Stuerm sou séier wéi méiglech ze entkommen. Nodeems mer de Bierg rofgesprint sinn, an no net emol enger Stonn erëm um Parking ukomm ware, hunn sech d'Wolleke bal direkt verzunn a Wales huet sech vu senger sonnegster an allerschéinster Säit gewisen.

Sou fir de Rescht méi kuerz ze hale musse mer leider bëssen op den Tempo drécken

De Cornel Scout Centre a sengem natierlechen Ëmfeld: am Reen

an e puer Detailer ausloossen. Nom Snowdon si mer op Bangor de Rouden (Matthew Radcliffe) ofhuele gaangen a sinn duerno op ee Camping matzen an der Pampa gefuer an owes nach vun do an ee Pub deen 2 Kilometer fort war getrëppelt. Den Dag duerno ware mer an déi eenzeg zwou Stiedecher an der Géigend, op Llandudno (ongeféier ausgeschwat Klandadno) an op Conwy. Och hei wäerte mer am Summer zeréckkommen an aus genau deem Grond hate mer och hei d'Sonn matgeholl fir dass mer scho mol wësse wéi sech de Summer do sou wäert ufillen. Fazit: Mega genial super top Geschier! Uschléissend si mer nach bei d'Aber Falls gefuer, an hunn eis vun do duerch d'Nuecht och schonn erëm Richtung heem gemaach. Ënnerwee stoungen awer nach zwee Stopps um Programm: Eemol zu Chester an England, fir akafen ze iessen ze goen, (stellt iech 7 Tippe vir, déi no engem Hike bis op de Mt. Snowdon säit 2 Deeg net geduscht hunn, déi an ee Restaurant ginn...) an duerno zu Brighton, wou mer déi lescht Nuecht verbruecht hunn. Och hei huet sech d'Wieder vu senger allerbeschter Säit gewisen, wat ee vun England nu wierklech net gewinnt ass.

Sonndes Owes war dunn also dee ganze Spaass leider schonn erëm eriwwer, wouduerch elo awer d'Virfreed op de Summer bei eis ëmsou méi grouss ass!

P.S.: Méi Fotoe ginn et nach op der leschter Säit

Beaver

Trimesterprogramm III

Léif Beaver,

Och dëst Semester hu mir eis eng Rei vu spannende Spiller, Experimenter an Aktivitéiten ausgeduecht. Mir freeën eis drop!!

SAM 27/04/2019	Versammlung
SAM 04/05/2019	Versammlung
SAM 11/05/2019	**Beaver Fun Day** am Rolléngergronn (voir Invitatioun)
SAM 18/05/2019	Versammlung
SAM 25/05/2019	**VAKANZ—KENG VERSAMMLUNG**
SAM 01/06/2019	**VAKANZ—KENG VERSAMMLUNG**
SAM 08/06/2019	Versammlung
SAM 15/06/2019	Versammlung
SAM 22/06/2019	Versammlung (Fakelzuch)
DIM 30/06/2019	Scoutskiermes
SAM 07/07/2019	POW-WOW (Info kënnt no!)
WE 13/07/2019	**Weekend**

Beaver

Léif Beaver,

Op dësem Beaver Fun Day den **11. Mee 2019** feiere mir zesumme mam Bibu säi Gebuertsdag! Et wäert eng super grouss Gebuertsdagsparty ginn.

Wou?	Mir treffen eis um Parking vun der Logopédie/IMC beim alen Enovos Gebai
Wéini?	**11. Mee 2019** vun 11h00 bis 16h00
Präis?	10€
Mathuelen?	E Bidon mat Waasser a Picknick fir Mëttes, Reejackett
Umeldung?	Bis den **5. Abrëll** bei engem vun dénge Cheffen AN per Iwwerweisung vun 10€ mat der Mentioun « Numm a Virnumm vum Kand + BFD » op de Compte vum Grupp CCPL FNEL KIEWERLECKEN IBAN LU66 1111 0057 2704 0000

Dear Beavers,

Please join us for the annual Beaver Fun Day on **11 May 2019** to celebrate Bibu's birthday! It will be a great party!!

Where?	Home Les Aigles, Rollingergrund. We meet at the parking lot Logopédie/IMC by the old Enovos building (Place Edison, Strassen, behind CHL)
Time?	11:00-16:00
Cost?	10€
Equipment?	Some water and a pic-nic for lunch; rain jacket
Singing up?	Let one of your leaders know by 5 April 2019 AND transfer 10€ to the Kiewerlecken account, adding « surname and name of the child + BFD »: CCPL FNEL KIEWERLECKEN IBAN LU66 1111 0057 2704 0000

Wëllëfcher

Trimesterprogramm III

SAM	27/04/2019	Versammlung
SAM	04/05/2019	Sixplo
SAM	11/05/2019	keng Versammlung
SAM	18/05/2019	Versammlung
VAC	25/05-02/06/2019	Vakanz
SAM	08/06/2019	Velossortie
SAM	15/06/2019	Versammlung
SAM	22/06/2019	keng Versammlung (Fakelzuch)
SAM	29/06/2019	keng Versammlung (Scoutskiermes)
DIM	07/07/2019	Pow-Wow
CAMP	17-30/08/2019	KiGruCa
VAC	13/07-14/09/2019	Vakanz

Wëllëfcher

Ouschtercamp

Salut Wëllefchen,

Et gi Rumeure ronderëm, de béise Captain Jones wier erëm op fräiem Fouss! Mir Cheffen hunn eis geduecht, mir missten där Saach mol op de Fong goen. Häss du also Loscht eis op dësem Piraten-Abenteuer ze ënnerstetzen? Da mell dech séier un ☺

RDV Départ:	Den 8. Abrëll 2019 um 16h30 r. Jean Friedrich - Home Belvedere, L-3469 Dudelange
RDV Retour:	Den 11. Abrëll 2019 um 11h op der selwechter Plaz
Umeldung:	Per Mail u samputzz@hotmail.de
Präis:	EUR 45.00, bis spéitstens den 1. Abrëll op den CCPL LU66 1111 0057 2704 0000 iwwerweise mat der Mentioun **Ouschtercamp 2019 + Numm vum Kand**
Materialslëscht:	Dem Wëllefche séng 5 Saachen, Schlofsak, Carrymat, rechange Ënnerwäsch, Wäschtrousse, Pyjama, dem Wieder ugepasste Kleeder, Biergschong, Täscheluucht, Bidon, Kichenduch, Gamelle a Besteck, a vill gutt Laun!

Lénks Patt,
Déng Cheffen

Captain Jones est de nouveau en liberté! On a besoin de ton aide pour vaincre le bandit. Inscris-toi si tu ne veux pas rater cette aventure.

RDV Départ:	Le 8 Avril 2019 à 16h30 r. Jean Friedrich - Home Belvedere, L-3469 Dudelange
RDV Retour:	Le 11 Avril 2019 à 11h au même lieu
Inscription:	Par courriel à samputzz@hotmail.de
Prix:	45.00€ à verser jusqu'au 1 Avril au numéro de compte suivant CCPL LU66 1111 0057 2704 0000 avec la mention **«Ouschtercamp 2019 + nom de l'enfant»**
À apporter:	sac de couchage, Carrymat, sous-vêtements de rechange, une trousse de toilettes (dentifrice, shampooing, brosse à dents,…), Pyjama, vêtements adaptés aux conditions météorologiques, chaussure de marche, lampe de poche, gourde, gamelle et couverts, un torchon à vaisselle, et bien sûr beaucoup de bonne humeur!

Wëllëfcher

SIXPLO 2019

De 4. bis de 5. Mee ass de Sixplo zu Beetebuerg. Hei léieren d'Wëllef zesumme mam Asterix an Obelix déi 4 Elementer kennen.

Wéini: Fir d'Sixer dee ganze Weekend vum 04. - 05.05.2019 (dir kritt eng Mail vun eis falls ärt Kand scho Samsdes matkënnt)
Fir déi aaner aus der Meute Sonndes, den 05.05.2019

Treffpunkt: Samschdes um 14:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare
Sonndes um 10:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare

Retour: Sonndes um 16:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare

Material: D'Sixer: Gamelle + Lunchbox fir de Pic-Nic vu Sonndes (Samstes gëtt fir d'Sixer gekacht) + soss alles, wat ee fir e Weekend brauch, bréngt eng Carry matt, Schlofsak, Schlof- a Wäschsaachen, etc.
Déi aaner Wëllefcher, mussen hiere Pic-Nic selwer matbréngen fir Sonndes mëttes.

Präis: Fir d'Sixer: 18€
Fir all aaner Member aus der Meute: 5€

Umeldung: **Per Mail bis spéitstens de 25. Abrëll u samputzz@hotmail.de, de richtege Montant iwwerweisen op de Kont CCPL LU66 1111 0057 2704 0000 mat der Mentioun "Sixplo2019 + Numm vum Kand"**

The 4th and 5th of May, the cup scouts together with Asterix and Obelix will discover the 4 elements in Bettembourg. Sixers will be joining for the whole weekend, the rest of the pack will join them on sunday the 5th.

Meeting point: Saturday, 4th of May at 2 pm, Bettembourg Gare (for "Sixers" only, you will receive an e-mail from us if your child needs to attend on Saturday)
Sunday, 5th of May at 10 am, Bettembourg Gare

Return: Sunday, 4pm, same place

What to bring: Sixer only: Lunchbox, Sleeping Bag, Sleeping mat, pyjamas + toiletries
others: Lunch for sunday

Price: Sixers: 18 €
all others: 5 €

Please register until the 25th of April via mail to samputzz@hotmail.com and transfer the corresponding amount to CCPL LU66 1111 0057 2704 0000 with the mention "Sixplo 2019 + the name of the child".

Scouten a Guiden

Trimesterprogramm III

SAM 27/04/2019	Réunion
SAM 04/05/2019	Pas de réunion
SAM 11/05/2019	Sortie
SAM 18/05/2019	Réunion
VAC 25/05-02/06/2019	Vacances scolaires
SAM 08/06/2019	Réunion
WE 15-16/06/2019	Patroulleweekend
SAM 22/06/2019	Fakelzuch
SAM 29-30/06/2019	Scoutskiermes
DIM 07/07/2019	Pow-Wow
CAMP 17-30/08/2019	KiGruCa
VAC 13/07-14/09/2019	Vacances scolaires

Les réunions ont lieu de 16h15 à 18h15. Préviens-nous en cas d'absence ou de retard, merci.

Elena Plebani: 621 521 781 ou Lisa Sieradzki: 691 705 686

Scouten a Guiden

Camp Indiana Jones

Salut Scouten!
Den Indiana Jones brauch är Hëllef fir d'verlueren Artefakten erëmzefannen. Dir musst unhand vu Schatzkaarten, Rätselen an aner Mëttele probéieren déi wäertvoll Schätz zeréckbréngen. Zesumme mat de Munnerefer Mais maache mir ons ob de Wee!
Sidd dir bereet fir des Aventure ? Dann mellt iech séier un!

Rendez-vous: Den 8. Abrëll um 10h45
Wou: **61, rue de Pulvermuehl,**
2356 Luxembourg
Retour: Den 10. Abrëll um **14h30**
Präis: 50€, bis spéitstens den 1. Abrëll 2019 op CCPL LU66 1111 0057 2704 0000 iwwerweise mat der Mentioun „*CampIndianaJonesSc* + Numm"
Umeldung: Bis spéitstens den 1. Abrëll beim Lisa : 691 705 686
Material: Schlofsak, Carry-mat, Biergschong(!!!), Wäschtrousse mat Wäschsaachen, Duschsaachen, klenge Rucksak (wann dir wëllt), Gamelle mat Besteck an 2 Kichendicher, Täschemesser, Bidon, Täscheluucht, Nuesschnappecher, Tip Top Uniform, de Petzi mat deems du schléifs, de Kuch deens du hues missen lescht Kéier mat bréngen, an net ze vergiessen, dem Wieder ugepasste Kleeder. Dat wichtegst: ganz vill gutt Laun an ganz wéineg schlecht Wieder.

Froen: Lisa: 691 705 686
Lénks Patt,
Deng Troupecheffen

Dear scout, we're happy to invite you to our Indiana Jones themed camp. Meeting place: 61, rue de Pulvermuehl, L-2356 Luxembourg, 8 April 2019 at 10:45. Return: 10 April at 14h30 at the same place. Please register until the 1st of April 2019 via phone: 691 705 686 . Price: 50€ via bank transfer LU66 1111 0057 2704 0000 with the mention „CampIndianaJonesSc+ name".

EUROPEAN JAMBOREE 2020
POLSKA

Léiwe Scout,

2020 fënnt vum 27. Juli bis de 6. August zu Danzeg (Gdansk) a Polen ee groussen internationalen europäesche Jamboree statt. Jiddereen am Alter vu 14 bis 18 Joer kann hei deelhuelen a bal 2 Wochen op der Insel Sobieszewo mat 20.000 anere Jonken aus ganz Europa ze verbréngen. Ween zum Zäitpunkt vum Camp 18 Joer oder méi huet kann sech och als IST (International Staff Team) umellen an eng Hand upaken an esou awer um Camp deelhuelen.

Infoen zum Programm fënns du um Site www.ej2020.org

Vue dass de Präis ofhängeg vun der Unzuel u Participanten ass, ass nach kee genaue Präis festgeluecht. Am Moment gëtt mat engem Präis tëschent 850€ an 1000€ op de Kapp gerechent.

Aschreiwe kanns du dech bis de 15. Juli 2019 mat engem Mail un **mail@kiewerlecken.lu**.

De ganzen Newsletter vum Lëtzebuerger Contingent fënnt een online: **www.ej2020.sil.lu**.

Dear Scout,

Next year, a huge Eurojamboree will be held from July 27th to August 6th in Poland. Together with 20.000 participants from all over Europe, anyone between the age of 14 to 18 can spend almost two weeks on an island close to the city of Gdansk and take part in amazing activities. Anyone over the age of 18 can register as a helping hand (IST) and participate that way.

Further information on the program can be found online: www.ej2020.org

Since the price depends on the number of participants, no exact price has been fixed yet. The camp will cost somewhere between 850€ and 1000€ per person.

You can register by simply sending an e-mail to **mail@kiewerlecken.lu**.

For a newsletter with more detailed information go to **www.ej2020.sil.lu**.

Grupp

Kiewerlecken… How-to :

Afin de pouvoir garantir le bon encadrement de vos enfants lors de nos activités, je me permets à cet endroit de vous demander de bien vouloir respecter certaines règles et habitudes que nous nous sommes fixées :

- Le scout participe régulièrement aux réunions. (Attention, le scoutisme n'est pas une activité bouche-trou, le groupe ne peut fonctionner qu'en compagnie de scouts et de chefs réguliers et ponctuels.)
- Être à l'heure pour le début et la fin des réunions ; pour les beavers (6 à 7 ans) les réunions commencent à 14h00 et se terminent à 16h00, pour les louveteaux (8 à 11 ans) les réunions commencent à 14h00 et se terminent à 16h00, pour la troupe (12 à 15 ans) les réunions commencent à 16h15 et se terminent à 18h15.
- À chaque réunion nous portons notre foulard. L'uniforme n'est pas forcément obligatoire, sauf pour les activités fédérales et les sorties et camps.
- Porter de vieux vêtements. Le port d'un jogging n'est pas adéquat.
- Renvoyer les fiches d'inscriptions dans les délais ; ceci afin de permettre aux responsables de préparer les activités correctement.
- Par courtoisie, le scout prévient à l'avance un chef en cas d'absence ou de retard.
- Payer dans les délais les différentes activités ; afin que les responsables ne doivent pas avancer les frais engendrés de leur propre poche.
- Payer la cotisation annuelle afin de garantir que votre enfant soit couvert par les assurances de la FNEL.

Pour les familles à faible revenu en difficulté économique, afin de permettre sereinement à leurs enfants la participation aux activités, le chef de groupe des Kiewerlecken est prêt à examiner, de façon confidentielle, les demandes d'aide financière, sous forme d'une remise sur les frais de participation.

En vous remerciant pour votre coopération

Patte gauche,
Alessandro
Chef de groupe